




D'GAMELLE

2007



E Bliedchen vun de
Luerenzweiler Guiden a Scouten

Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG
71A, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 691 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorenzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven



Redaktioun

Pit
Biber
Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vu sämtlechen Branchen

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 18 erauskomm den 8. März 2008

Wat as dran?

SÄIT

- 1 Cover
- 2 Impressum & Inhalt
- 3 Virwuert
- 4 - 6 Wichteg Adressen
- 7 E puer Wuert vun eise Aumonier
- 8 - 10 Biber / Wellefcher
- 11 - 13 Avex
- 14 - 20 Carapio
- 21 - 24 Raro
- 25 Pearl of Brownsea
- 26 - 27 Beschass

*Wien Fehler fënnt, dierf se haalen oder
beim Recycling-Center bei him an der
Geigend ofgin.*

E puer Wuert vun eisem ...

Gruppechef

Leif Elteren, Guiden, Scouten, Chef, Frenn a Matarbechter vun den Luerenzweiler Scouten.

Ech hun dest Joer fir d'eischte Keier "dei grouss Eier" mech op deser Platz zu Wuert ze mellen an de Bilan vum Scoutsjoer 2006/2007 ze zeien. Abbé jo, dest Joer haat villes ze bidden an domadder mengen ech net (nëmmen) d'Kulturjoer. Op der ganzer Welt hunn d'Scouten hiren Honnerste Gebuertsdag gefeiert. Op nationalem Plang ass dest mat Ausstellungen, Filmer an mat engem grouss Weekend op der Kockelscheier gefeiert ginn. Awer och mir Luerenzweiler hunn et ons net huele geloos an hunn zu dësem Ulass ee riesegt Piratenboot, "Pearl of Brownsea", während der grousser Vakanz am Boufer Parc vum Altersheem opgericht. Des Konstruktioun hued den 1. August als Kulisse bei der Verspriecheerneuerung gedenkt an war während dem Piratencamp vun de Biber a Wëllef a vollem Asaatz. Op deser Platz well ech nach eng Keier all onse fläissege Bootsleit ee risege MERCI aussprieche fir hire groussen Asaatz an d'Ausdauer dei sie während 2 Meint haten.

E grouss Merci och un dei ganz Cheféquipe, Chef dei Woch fir Woch do sin, fir flott Versammlungen ze halen, dei sech Zéit huele fir mat de Kanner op de Weekend an op de Camp ze goen, an dat alles ouni Bezuelung!

Merci och all de Frenn a Matarbechter, dei emmer erem do sin wann et heescht eng Buerg opzeriichten respektiv um Chrëschtmaart eng Hand mat unzepake fir dat eppes an d'Kees kennt.

Merci awer och mengen 2 neie Gruppechef Assistenten, de Sven Linckels an den Ander Schroeder, dat sie bereed sin eng Hand mat unzepaken fir de Grupp ze leeden. Alle béid sin sie, vum klenge Wëllefchen ouns, bei ons am Grupp dobäi ... sie wessen also op wat sie sech do agelooss hunn ;-)

Och dem Pit Reuter, onsem Aumonier, well ech hei Merci soen, fir dei vill Zäit an gudd Arbecht dei hien an onsem Grupp mescht. Zum Schluss well ech awer och onsem ale Gruppechef, dem Jemp MERCI soen. Jemp, Struck, Jean-Pierre,... oder wei och emmer mir dech genannt hunn, du bass elo 38 Joer laang ACTIVE Scout zu Luerenzweiler an dovunner waars du 12 Joer Gruppechef. Geif ech alles opzielen waats du fir onse Grupp gemaach hues, ech mengen, da wiir d'Gamelle ze kleng. Du waars a bass och nach haut deen, deen emmer do ass, wann et drems geet eng Hand mat unzepaaken. Du hues wonnerbar Arbecht gemach an du bass a bleiws fir ons aal ee grousst Virbild. Dech ze ersätzen ass net meiglech. Mir sin all traureg doriwer datts du als Gruppechef opgehalen hues, mir respektéieren awer deng Decisioun a si frou, datts du ons weiderhin als Avexchef erhaale bleifs. Merci Jemp, d'Zait mat dir als Gruppechef war einfach genial, du bass a bleifs onse SUPERJHEMP.

Carole



Wichtig Adressen

BIBER



Responsabel

BIDOLI Renée
TEL : 32 79 69
GSM : 621 784 250



BRÜCK Mich
TEL : 32 83 82
GSM : 691 801 737



KRECKÉ Elisabeth
TEL : 32 81 38
GSM : 621 768 176



MAYER Catherine
TEL : 32 92 93
GSM : 621 730 324
Email : kerropi_@hotmail.com



SCHOSSELER Sven
TEL : 32 92 42
GSM : 661 791 461
Email : infest@pt.lu



GALLELLI Jill
GSM : 691 720 327
Email : deivelchen@email.lu

WELLEFCHER



Responsabel

BRÜCK Pol
TEL : 32 83 82
GSM : 661 785 848



BICHLER Fanny
TEL : 33 73 08
GSM : 621 214 989



WEBER Men
TEL : 44 94 47
GSM : 621 135 159



DOSTERT Misch
TEL : 33 28 92
GSM : 621 421 805



FOURNELLE Germain
TEL : 33 81 70
GSM : 621 758 116
Email : paterpaintius@yahoo.de



ROMMES Anne
TEL : 32 72 93
GSM : 621 630 041



SCHINTGEN Pol
TEL : 33 05 34
GSM : 621 281 145



SCHOSSELER Jil
TEL : 32 94 42
GSM : 691 844 525



MOLITOR Anne
TEL : 33 73 88
GSM : 661 753 818



MULLER Ernestine

AVEX



Responsabel

BECK Jemp
TEL : 32 60 84
GSM : 621 750 159
Email : bejehe@yahoo.de



BIDOLI Charel
GSM : 621 526 217



BISENIUS Ben
TEL : 32 67 08
GSM : 691 620 377



BISENIUS Lisa
GSM : 691 789 739



BOURMER Fränk
GSM : 621 130 464

CARAPIO



Responsabel

LINCKELS Sven
TEL : 26 33 20 62
GSM : 691 309 737
Email : sven@seven.lu



NEY Carole
TEL : 26 33 42 40
GSM : 691 339 812



PANETTA Nico
TEL : 32 95 42
GSM : 621 253 953



SCHROEDER Ander
TEL : 33 03 32
GSM : 661 730 814
Email : ander@cubic.lu

Biber


Wellefcher

Avex

Carapio

Raro

Verschiddenes



RARO



Responsabel

PEUSCH Mireille
TEL : 26 701 777
GSM : 661 791 115



HÖFLIGER Tessa
GSM : 661 393 494

ALBATROS



Responsabel

WEBER Men
TEL : 44 94 47
GSM : 621 135 159

DEN LGS SHOP ...

... as ze fannen :

5, rue Munchen-Tesch
Luxembourg

... as op :

Dönschdes : 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes : 15:00 bis 19:00 Auer
Samschdes : 09:00 bis 12:00 Auer
Während de Schoulvakanzen as de Shop zou !

... as ze ereechen :

ënner dem TEL : 26 94 84 - 31
oder per EMAIL : shop@lgs.lu

GRUPPECHEF



NEY Carole
TEL : 26 33 42 40
GSM : 691 339 812

GRUPPECHEF ADJOINT



SCHROEDER Ander
TEL : 33 03 32
GSM : 661 730 814
Email : ander@cubic.lu



LINCKELS Sven
TEL : 26 33 20 62
GSM : 691 309 737
Email : sven@seven.lu

KEESSIERE



EVERAD Chantal
TEL : 32 65 75
GSM : 621 144 951

AUMONIER



REUTER Pit
TEL : 32 03 50
GSM : 621 137 522

FOYER



FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

Aumonier

"Carnet de bord ..."

31. Juli 2007 : No vill Schwammen an der "Baie de Quiberon" an der Bretagne (F), no engem onvergiessleche Concert an der Parkierch vu Carnac ginn ech schlofen ... Et ass e Genoss.

1. August 2007 : Hevenu shalom alejhem ... ganz haart ... Ech kucken op d'Auer : 6 Auer.

"Du dreems" soen ech mer an dréine mech ëm ... an et geet weider: "Hevenu shalom". Ech doe mech séier un a ginn aus dem Hotel eraus ... Doniewt um Tumulus wou eng kleng Kapell steet ... wéinstens 150 Leit ... Jonker, jong Koppelen mat Puppelcher op de Schëlleren ... ech krackselen erop: lauter Guiden a Scouten! Sie sangen, sie bieten, ginn Témoignagen, sie sinn ganz einfach frou ... d'Sonn geet op. Déi Eelst déi do ass, huet 96 Joer, deen Eelsten 99 Joer ! Net nëmme Franzosen, mee och Englänner, Däitscher, Irlänner, Belsch an Hollänner asw.

E grouse Moment!

"Nous renouvelons notre promesse
scoute"

Et ass 6.30 Auer

Mir lafen d'Schudden de Réck erof. Mat den LGS, mat de Luerenzweiler Scouten, mat de Wëllef vun Notre-Dame a Stroossen ... sinn ech elo verbonnen ... e Film leeft viru mengen Aen, an enger frëscher, erfrëschender Loft op deem Tumulus (Plaz wou Chrëschte begruewe goufen).

Ech zécken fir ee vun iech unzeruffen per Handy an ze soen wat ech ëmpfannen ...

ech wëll awer kee waakreg maachen!
Zeréck aus der Vakanz ginn ech gewuer ...
Carnac a Boufer ... Boufer a Carnac.
Mir waren " eent " !


Merci iech alleguer fir dat formidabelt Engagement beim "Schëffbau" op deem "grénge Mier" am CIPA-Park vu Boufer! Wéi eng aktiv Mataarbecht no villem Plangen, wéi e frou Zesummenwuessen hunn ech do däerfe materliewen! Chapeau!!



A wéi flott dee Camp mat de Biber an de Wëllef an d'Virbereedung vun der Mass zesumme mat hinnen. A wéi déif a frou d'Erliewness vun enger "anerer" Mass mat iech all, de Pensionären, de MataarbechterInnen aus dem CIPA. Mir all vergiessen, mengen ech, déi Stonn net esou séier. Och Merci der Lëntgener Chorale déi äis spontan ënnerstëtzt huet.

Iech, Guiden a Scouten, Cheffinnen a Cheffen, äis all wënschen ech e wäertvollt Joer 2008 a weider e frouen Engagement am Déngscht vun eisen haïtianesche Frëndinnen a Frënn.

Pit



"Vum Donneschden den 06.09.2007 wärte mir zu énger Partie Piraten op der Pearl of Brownsea durch d'Bouffer Mier scheffen, an éng Hellewull Scheffer kaperen an Schätz biergen." (Auszuch aus dem Capitain séngem perséinlechen Logbuch)

Natiirlech as daat net den Ufank; Nee de ganze Grupp vu Luerenzweiler huet 2 Méint virdrunn mat ugepaack, fir virum Start vum Camp d'Pearl of Brownsea vum Stappel kenne laafen ze lossen.

E Merci un déi ganz Mannschaft.



Mee och d'Cheffen vun den zwou betrafene Branchen haaten all Hänn voll ze din. Well dest sollt net einfach nemmen ee Summercamp gin, nee et sollt dee Summercamp gin.

An deen as dunn och gin.

Scho eléng déi 2 Deeg "Open Camp", wou mer Kanner vu Luerenzweiler a Lentgen am Biber an Wellef Alter invitéiert haaten, war e vollen Erfolleg. Mir haate méi Unmeldungen wéi erwaart, an och d'Ecoen vu Baussen waren wierklech positiv. An dann natiirlech net ze vergiessen eis Aktivitéiten mat den Awunner aus dem Heem wéi Beispillsweis d'Gänsespill oder Tauschspill, hun bei de Leit an bei eise Kanner positiv Spueren hannerloos.

Deen Erfolleg huet sech natiirlech och op eis Zukunft zreckgeschloen, well mir hun uschléissend éng Onmass nei Kanner beikritt an erem éng mega Motivatioun ennert de Cheffen.

D'Méi huet sech gelount.

Merci un d'Responsabel an D'Leit vum Bouffer Altersheem, déi eis dese Camp erméiglecht hun, Merci och der ganzer Mannschaft, Kanner Cheffen an Freiwelleger, an natiirlech eise Frenn aus dem Foyer de Jour.

Ahoi!

Cpt. Jack Spareripp

P.S liest och hannendrun d'Auszich aus dem Logbuch vun der Pearl

Donneschden de 06.09.2007

Mier si op enger Insel gestrand, vu d'Avunner eller Leit si. lessen kont een nach verbessern.

Mier hun eis agerischt, owes hun mir eng kleng Veillee gemach. Mier hun e Mub gegruewen, an eng Lagerfeierplätz.

An dur no sin mir Schlofen gang.

Rick, Vanessa



Freiden de 07.09.2007

Begréissungspiel war super. An am Atelier hu mir e mini Boot gebaut. D'Irsen war super schlech. D'Gänsespil war witzeg.

Rick



Samschdes den 08.09.2007

Haut ware mer den ganzen Dag am Besch. Mir hu gegrillt, gespielt an eng Schatzsich gemat.

Eis Schatzkart war komplizéiert, mee mir hun en awer font.

E war op der Fautelfiels an enger Höhl verstoppt. Owes hate mer eng super Véillée mat vill Piraten-Spiller.

Tom (Dirty Tom)

Sonndes de 09.09.2007

Morgens hatten wir eine Messe unter dem Baum. Mittags haben wir Pakalu gegessen. Danach haben wir ein Tauschspiel gespielt und eine Augenklappe gebastelt. Abends hatten wir ein Schmuggelspiel gespielt.

Lynn (Lady Nervsaw)

Méindes den 10.09.2007

Morgens haben wie mut prowen gespielt. Ich habe ein Rohes Ei gegessen. Mitags hatten wie eine Piraten-Wasser-Olympiade. Im dunklen marschiert.

Pascal (San Pas)

Denschdes den 11.09.2007

Mir sinn um 6 Auer Opgestanen. Dunn hu mir nach e beschen geschwat. Mir hunn mat de Biber e schlacht gemach. Mir hunn d'feier un gemach an eis ungedo. Dunn hu mir Gies an de Park spille gangen. De Michael an de Rick hun d'Bengele fun de Bemm erogezunnt. Mir hun fir eisen skach geproft an eis wie Piratenverkleed.

????????

Mettwoch den 12.09.2007

Elo ass et geschitt,
mir si midd!

Mir hu vill geschafft
An nach naicht ordentlech gebafft.

Dem schnittchen sai Piiieps ass schon 6
Deeg al,
mee dat ass him Piiieps-egal.

Dee Mensch ass esou Piiieps ** !

E puer geschlauchten Cheff(tainen)
P.S. E puer aussergewöhnlech
Urzaitausdreck wéi Calzong, Fäkalien an
der familiärer Ausdrucksweis, an dämlech
gouffen durch e Piiieps ersaat.

** an deser Zeil heescht Piiieps dämlech.

All des Texter sin originalgetrei aus dem
Logbuch iwerholl, genau sou wéi se ennert
schwierigen Bedingungen u Bord
néiergeschriwwe gouffen.

Jack Spareripp a Mann(Frau)schaft





Avex Camp an der Schwäiz

No laangem Fueren an der Camionnette an dem Jemp sengem Auto, si mer endlech an der Schwaiz zu Seelisberg ukomm. Mir hun eis d'Gepäck missten nach en géien Wee duerch de Besch bis erof bei de Chalet droen, well mer d'Camionnette missten uewen um Parking stoe loossen.

Dun hu mer eis mol agliewt an eis mol e bessi relaxéiert.

Owes stung eng Veillée um Programm. Mir hu missten deenen Aneren Äppel mat Waasserloftbäll vum Kapp gehaien. Mir h missten en Kuch mat Schokelasbotter an Petit-beurren backen... daat war eng Riesesauerei ginn. Limbo hu mer och nach gemach an jo,.. duerno si mer schlofe gaang.

Lena

Seeli

Mir sin zu Fouss bis bei en klengen Sei gaangen, deen den Numm Seeli haat. Wéi mer do ukomm sinn, hu mer mol no enger Plaaz misse sichen. Alleguer zesummen si mer dun an d'Waasser gaangen. D'Waasser war wéi e Stéck Eis.

An der Mett vum Seeli war esou eng kleng holzen Insel, wou sech all Zort vu Fesch versammelt huet. Dobaussen war et gudd

waarm. Mir louchen do fir eis ze bräunen, een oder zwee Leit haaten sech deen Dag scho gudd verbrannt.

D'Erny soutz ennen un engem Desch mat Leit ze poteren, déi hatt guer net kannt huet.



Mir hun Indiaka gespiilt. Mir wollten eis awer och sou en klengt Boot aus Holz léinen, mee wéinst dem Föhn (Wand) hu mer net dierften. An du si mer no enger Zait nés zréck gaang.

Fanny

Schatzsich

Mir haaten eng Schatzsich gemach. D'Avex (also mir) sin an zwou Gruppen agedeelt

gin fir dee Schatz ze sichen. Ech zielen mol vun eisem Grupp, well ech jo net wees waat bei deenen aneren lass war, well mir 2 verschidde Weeër haaten.

Also mir missten 100mol duerch hallef Seelisberg laafen! War immens 9 Mee wéi dunn schlussendlech déi eng Equipe den Code vum Schatz haat an mir den Fundort, si mer bei de Chalet gefuer (mir waren schon all déck midd) an kruten do gesoot, dat mir lo nach eemol "dierften" en groussen Bierg roofgoen fir en dono rem ropzegen, nodeem mer sou eng Schatz mat Kamellen fonnt hun. Ennerwee fir erop huet dun natierlech (mat eisem Gléck) en Donnerwieder ugefaang an kee Mensch haat eng Jacket dabei :-/

Mee du waren eis Cheffen ganz gescheit an si schon virgaang fir den Auto sichen ze goen. Mir sinn net all an den Auto rakomm an dofir huet de Rescht sech an d'Mall gedreht woubei eppes futti gefuer ass (wees net méi waat :, iechenteppes hanne bei der Mall oder sou)

Julie

Rodelbahn

Moies si mir vum Chalet mam Auto bei d'Sattel-statioun gefuer. Du si mer mat der Seelbunn bis erop bei d'Rodelbahn gefuer.



Ma dunn ass et lass gaang! Mir sinn dun x Tiir rondrëm gerodelt, war mega cool : D'Cheffen sinn net matgerodelt, ausser de Jemp. D'Florence ebenfalls net, hatt huet Fotoën gemaach. Huet eis all mega gudd gefall.

Duerno si mer eleng, ouni eis Cheffen mat der Seelbunn an den Dall gefuer! (hehe) Mhm.. di hun dunn besse roose gekuckt, mee bon...



Nodeems si mer no engem Restaurant fir d'Mëttegiessen siche gaangen. Am Parkhaus dunn, ass d'Heckfenster vun der Camionnette wéinst enger Ventilatorkëscht futti gaang 9

Du si mer an de Restaurant iesse gaang... war lecker!

Nom lessen si mer op Brunnen besse shoppe gaang während d'Cheffen Plexiglas als Ersatzfenster fir d'Camionnette kaafe gaang sinn.

Duerno si mer nach bei de Vierwaldstatterséi schwamme gaang. Wou et dunn ugefang huet ze reenen, hu mir eis séier heem gemach.

Trotz deem Ongléck mat der Fenster war et awer e flotten Daag

Lisa

Den Hike

Alles ass opgestaan. Mir hun eis Rucksäck färdeg gemacht. Wéi mir alleguer prett waren, si mer bei d'Camionnette gaang. Du si mer bei d'Seelbunn gefuer an op de Bierg (1600m) eropgefuer.

Uewen ukomm hu mir mol direkt d'Murmeldéieren an d'Hinger gefiddert. De Bisi huet sech eng Angel gebastelt mat enger Steck Muert drun, an et dem Sven virun d'Nues gehaal. Dun ass et richtig lass gaang.

Well mir sou lues waren, sinn de Bisi an de Sven virgetreppelt (mir hun zevill Pausen gemacht). Wéi mir dun endlech ukomm waren, hu mir eis an den Tipiën ageriicht. Mir wollten dun eigentlich just bei e Kräiz klooteren, a wéi d'Cheffen koumen, si mir mat hinnen bis ganz erop op de Bierg geklotert (2000m) . Zitat: Flo: "Ech kommen dee Bierg do erop, a wann ech frecken!!" Du si mer nés rofgaang

Nom lessen hu mir "Tut er's oder tut er's nicht?" gespillt. Ob eemol huet de Mann

(Anmerk. der Red.: den Hüttenwirt) en Gesangs-ähnlecht Gebied an den Dall erof gesong. Du si mer schlofe gaang.

Deen anere Moien hu mer zesumme



gepaakt. Fir zrëck si mer en anere Wee gaangen. De Bisi an de Sven hun dem Jemp nach lauter Steng an de Rucksack gepackt. Du si mer mat enger klenger Schrottseelbunn an den Dall erofgefuer. Well nach Zait war, si mer dun nach Minigolf spille gaang. The End.

Carole a Florence



1. Mee 2007

Mir hun eis um 9h00 zu Blaschent an engem Besch beim Neolitikum getraff.

Mir haaten eng Hütt gebaut an hun eis Spiesser fir d'Mettegiessen gesicht an dunn gespetzt.

Wi mer dun sou luess hongreg gouffen, ware mer op d'Grillplaaaz gaangen an hun eis eng Kotelett, e Wirschtchen oder eng Lëtzebuerger Grillwuurst geholl fir um Spiess ze grillen.

Dobai haate mer nach eppes gedrong. Nom lessen haate mer nach puer Spiller gemeet.

Lisa



Carapio Camp

Mam Scheff duerch Holland

1. Dag

Um 7.00 Auer moies sollt et lassgoen, mir hunn eis op der Gare an der Stad getraff, wou mir dunn eis faméis "Pirates of Luerenzweiler"- T-shirten vum Sven iwverreecht kruten a sinn du mam Zuch op Bréissel gefuer.

D'Faart huet ongeféier 3 Stonne gedauert bis mir dunn endlech zu Bréissel ukoumen. Ënnerwee huet ee sech da mat Schlofen, MP3 lauschteren oder Kaartespillen améséiert. Bis dohinner war alles super verlaf!

Mä op der Bréisseler Gare hate mir awer méi ee laangen Openthalt: eisen Zuch via Amsterdam, Rotterdam ass an ass net erbäikomm. Mä no 1 Stonn Gedold konnte mir dunn eisen Zuch beklammen. Net dass et scho genuch gewiescht wier 1 Stonn op eisen Zuch ze waarden; elo krute mir och nach keng Plaz, an dës Faart sollt nach 1 Stonn $\frac{3}{4}$ daueren.

Schlussendlech krute mir dunn awer nach e puer Plazen nodeems mir e puer Statiounen hannert eis haben.

Wéi mir zu Rotterdam ukoumen, hu mir nach schnell den Zuch bis op Utrecht geholl, wou den Ander an d'Carole schonnn um "Derby 22", eistem Boot, op eis gewaart hunn.

Dunn hu mir d'Boot schnell gekapert a sinn emol einfach drop lassgefuer. Du si mir de Rescht vum Dag um Kanal ronderëm getuckert bis mir dunn no onzählegen Brécken eng Plaz fir unzeleeë fonnt hunn. An Zwëschenzäit hunn de Charel an de Christophe eis nach Spaghetti gekacht, déi mir dunn och giess hunn! : An owes hu mir nach eng Partie Poker gespilt. An dunn ass et och schonnn an d'Heia gaangen.

Max

2. Dag

E Sonnden de Moie si mir géint halwer 8 erwächt, sinn opgestanen, hunn eis gewäsch (oder och net) an hunn du Kaffi gedronk. Nom Kaffi hu mir eis op de Wee op Amsterdam gemaach. Am Laf vum Moien huet et ugefaange mat reenen, donneren a

blätzen. Zu Amsterdam hu mir dunn eng Plaz am Hafe gesicht fir eist Boot. Wou d'Boot geparkt war, hu mir giess, an zwar Nuddele mat Tomatensauce. Nom Spullen hu mir eis fäerdeg gemaach, a kruten du Froe vum Explo an d'Hand gedréckt. Déi Froe vum Explo waren esou wäit auserneen, sou dass et net duergaangen ass mat der Zäit. Um halwer 6 hate mir erëm Rendezvous op der Gare, a sinn dunn zesummen op de Quai gaange wou d'Julie ukomm ass. Nodeems d'Julie ukomm war, ware mir nach akafen, dunn hu mir d'Fähr geholl fir bei den Hafen.

Owes goufen et Mettwurschte mat Gromperen an Zalot z'iessen. Nodeems mir alles op der Hand gespullt haten, well mir jo keng Spullmaschinn hunn, hu mir eis prop-per a gudd ugedoen a sinn dunn "Amsterdam by night" kucke gaangen. Eis Cheffen (Sven an Ander) hunn eis dunn d'Rotlichtmilieu gewisen, duerno si mir nach eppes an e Café drénke gaangen. Sou géint 1 Auer hu mir eis erëm op de Wee gemaach fir zréck op Boot. Wou mir géint halwer 2 um Boot waren, war et och Zäit fir schlofen ze goen.

Anne

3. Dag

Mir si moies wéi ëmmer vill ze fréi opgestaane, dunn hu mir eisen aldeeglechen OWKS gemaach (opstoen, wäschen, Kaffi drénken, spullen) Am Fong sollte mir deem Dag zu Amsterdam Muséeë kucke goen, mä mir hate gehiirlos Chance, dass eppes um Schëff futti war, sou dass dat mat de Muséeë näischt ginn ass :. Dofir krute mir e bësse Fräizäit an der Stad op de Programm gesat. Wéi mir erëm alleguer plätschnaass um Boot waren, si mir och direkt weiderge-fuer an hu Kaart gespilt an eppes giess. Mir waren do um Wee fir op Alkmaar. Owes hate mir dunn ee Pokertournoi organiséiert,

deen de Sven mat bësse Verstand a ganz vill Gléck gewonnen huet. Den Dag hu mir wierklech gemierkt wéi schlecht eist Boot ass. Well et huet iwwerall ragedrëpst an owes hunn d'Luuchten aus onerklärleche Grënn net richtig fonctionnéiert.

Christophe

4. Dag

Wéi ëmmer si mir moies erëm fréi opgesta-nen an ier mir iesse konnte waren d'Julie an d'Anne nach akafen. Méi spéit hu mir eis dunn erëm mam Boot op de Wee gemaach... An Zwëschenzäit hu mir dunn dem Sven säi lëtzebuergesch Parking-Kaartespill gespilt bis dem Charel langwei-



leg war. Duerno hunn de Sven, d'Julie, de Charel an ech ee Pabeierbootwettbewerb gemaach an am Fong wësse mir net wie gewonnen huet, well d'Boot erëm ze schnell fort war. Dunn hate mir déi clever Iddi Draachen ze bastele wou de Sven méi spéit ganz stolz iwwert eng Kouwiss mat sengem Draach gelaf ass a voll op d'Panz gaangen ass... also erëm Saachen dréchnen. Mëttes si mir zu Leiden an d'Stad gaangen an owes hu mir "Der grosse Preis" gespillt



mat vill Leit als Zuschauer. De Max an de Christophe dierften an de leckeren Hafe schwamme goen.... lamm...an elo sëtze mir erëm um Boot Kaarten ze spillen.

5. Dag

Um wéivill Auer mir opgestane si weess ech net méi genau, mä et wäert esou géint halwer 8 gewiescht sinn. : Dunn hu mir Kaffi gedronk, gespullt, asw. Mir sinn dunn och schonnn zimlech fréi vu Leiden fortgefuer fir dass mir mat Zäiten zu Gouda ukommen. Ënnerwee ass et alt erëm weidergaange mat Kaartespillen. Mat vill Gléck konnt de Max am Poker géint mech gewinnen!! : Nom Mëttegiessen huet et dunn zimlech vill ugefaange mat schiffen... wou mir du bei enger Bréck stoungen drop ze waarden, dass se eropgeet, huet de Sven sech alt Zäit verdräwe mat Kaze fëschen! : Wou mir zu Gouda ukomm si war d'Wieder och

schonn erëm besser, an mir hunn dann do e Spill gemaach wou mir 6 Géigestänn an typesch hollännesch Saachen hu missen ëmtauschen.

Owes hu mir du nach "Wetten dass...?" gespillt. Dobäi huet de Max e puer lecker Saache "giess", d'Anne huet seng Zänn mat Ketchup gewäsch, an ech hu missen 10 min mäi Mond halen. Duerno hu mir nach e bësse Musek gelauschtert. An dunn ass et awer an d'Bett gaangen. Nuecht!

Charel

6. Dag

Oooh... sou fréi, erëm! Mä vue que, datt mir jo all haart Scoute sinn, ass dat jo kee Problem... D'"Moiesprozedur" ass manuell kuerz ausgefall, well kee Waasser do war, also nix mat Duschen! Kaffi misst also och net zervéiert ginn! Kuerz nom Opstoen ass et also op de Maart gaangen zu Gouda. Dëse war och net all ze wäit, well mir eist Boot jo mëtten an der Stad "geparkt" haten (um Kanal awer :).

En Tourne-vis fir dem Lisa säi Schwäin hu mir leider net fonnt :. No dësem Rundgang si mir nach grouss akafe gaange fir déi lescht Deeg um Boot an de "Captain's Dinner".

Zréck um Boot ass mol bëssi Bordell geraumt ginn, an d'Cheffen hu probéiert d'Waasser erëm un d'Laafen ze kréien.

Mir sinn also gestart, Zil: Utrecht.

Ënnerwee ass, oh Wunder, d'Waasser erëmkomm : An domat ass och d'"Ära des Spülens" erëm ugebrach...

D'Wieder war de ganzen Dag iwwer mega gudd & mega waarm.

Julie

7. Dag

No enger wéineg erhuelsamer Nuecht (op

jiddefalls fir mech) si mir dunn opgestan. Wéi schonn den Dag virdru war d'Waasser alt emol erëm net do. Rucksäck si gepak ginn, well mir dësen Owend jo um Camping zu Rotterdam géinge schlofen. Nodeems dat dann och bewältegt war, sinn d'Anne an ech Baguettë kafe gaangen. De Problem war just, dass d'Hollänner net wossten, wat eng Baguette ass. Nodeems mir dunn 3 Bäckereien duerch haten, hate mir wat mir wollten, a si gaangen.

Wéi mir du weidergefuer sinn, hu mir da Sandwiche gemaach fir Mëttes. Duerno war en interessant Spill ugesot Mir hu missten alleng op eis Campplaz kommen.

D'Regele waren: mat 50 a 6 Stonnen ukommen, an dobäi sou wéineg wéi méiglech Suen ausginn. D'Ekippe ware Maanskärele vs. Fraleit.

Wéi mir eis dunn op de Wee gemaach haten, hu mir direkt no deem nächste Busarrêt gefrot. Vun do, si mir op d'Utrechter Gare gefuer. No enger kuerzer Begéinung mat de Fraleit, si mir an de Bus geklomme fir op Rotterdam. No 2 ½ Stonn Bus (wou de Charel bal erdiischtert ass! :), hate mir eigentlech vir, fir relax duerch d'Stad ze trëppelen an dann op de Camping ze goen.

Mä iergendwéi ware mir op enger anerer Plaz aus dem Bus geklommen, a wéi mir op

zu Fouss duerch d'Stad getrëppelt.

Dat war awer e gudd Stéck a mir hunn insgesamt 1 ½ Stonn Xtreme-Speedtrëppling gemaach. An de Ghetto, aus dem Ghetto; iwwert d'Bréck; an de Ghetto, aus dem Ghetto; iwwert d'Strooss a schlussendlech op de Camping. Mir si genau mat Zäite komm, mä dat war just méiglech, well de



Charel eis zu engem Gewaltmarsch duerch zimlech ganz Rotterdam gedréckt huet. (H***** Bidoli!! Wéinst dir hunn ech Muskelkater an de Been).

Um Camping huet sech erausgestallt datt d'Fraleit zwar éischter do waren, awer méi Sue gebraucht hunn. Dofir ass deem Owend och "Frau oh Frau" gespillt ginn a net "Mann oh Mann". Mir hunn eis dunn e puer Saachen iwwerluecht déi, déi aner hu misse bewältegen.

Den Owend ass zimlech heiter iwwer d'Bühn gaangen. Zum Schluss sinn d'Lisa an d'Anne erausgeflunn an et war zu engem Challenge zwëschen dem Jil an dem Julie komm. Mä mir waren ze midd fir eis eppes auszedenken. Duerno si mir schlofe gaangen.

Charlie

8. Dag

Um 8. Dag vun eisem schéine Camp, konnte mir endlech ausschlofen. Naja, dat



dee nächste gewaart hunn, krute mir gesot, datt de Bus net weiderfiert. A vue que datt mir de Metro net wollten huelen, si mir dunn

heescht, dass de cher André eis um 9 Auer erwäche komm ass. Leider misst hie bemierken, datt mir schonn all waakreg waren. Nodeems mir eis ugedoen haben, si mir duerch déi am Waasser stoend Wiss gaange fir bei eis Camionette ze kommen. Wéi endlech d'Waasser fir de Kaffi, schwule Kaffi an Téi fäerdeg war, hu mir eis Brioche mat Gebeess beschmiert. (déi 2 Nutellakréi, déi mir mat haben, si leider eidel gewiescht). Dunn hu mir eis prett gemaach fir fortze-
goen.



Eist Zil dësen Dag war ee Rundgang duerch Rotterdam. Fir emol an den Zentrum vun dëser Stad ze kommen, hu mir de Bus geholl. Schonno kuerzer Zäit si mir bei der Gare erausgeklommen. Well ech dësen Dag flexi war, sinn ech an d'Roll vum Guide geschlüpft. Mat enger Kaart am Grapp si mir d'Gemeng, d'Bourse, eng Kierch, Cubenhäiser an deen alen Hafe kucke gaangen.

Wéi eis Visite fäerdeg war, hate mir Fräizäit. Den Ander huet eis nach Sue gi fir eis mëttes eppes z'iessen ze kafen. Esou si mir bis 17.00 Auer duerch d'Stad gerannt an hunn dat gemaach wat mir am beschte kënnen: Suen ausginn. Vollgepak mat Tute si mir bei der Orange, vis-à-vis vum Burger King, niewent der Terrass mat de Red-Bull-Prabblen (eisen Treffpunkt) ukomm. D'Carole, d'Anne an ech ware scho virdrun op der Terrass an hunn eis Féiss, déi vum ville Lafe wéi gedoen hunn, ausgerout an

eppes géint den Duuscht gedronk.

Zesumme si mir erëm op d'Bushaltestell gaangen an hunn den 33 fir op d'Campplaz geholl.

Well an eise Zelt déck dee Bordell war, misste mir alles apaken. D'Julie an ech hu niewent der Camionette 8,2 l Zopp gekacht. Duerno hunn de Max an de Charel schnell gespult. Du war d'Finale vu "Frau oh Frau" virgesinn.

Mä ech hat keng Loscht mat engem Löffel Waasser am Mond duerch de Bulli ze lafen, fir dann an engem Becher, déi puer Drëpsen, déi iwwereg waren, dran ze maachen, dofir hunn ech express lues gemaach, respektiv guer näischt gemaach. Also war d'Julie d'Weib vum Camp!

D'Cheffen haben an där Zäit d'Veillée virbereet. Thema: Piraten. Zu 11 souze mir am Zelt an hu Spiller wéi Réffel Tëffel (aner Versioun vu Réppel Tëppel), Verflixte 21 (Würfelpill), eng Béchs duerch d'Kleeder maachen, e Schubkarrennen duerch de Bulli, an Erfanne vun enger Horrorgeschicht, gespielt.

Natierlech war d'Geschicht vum Julietta, Lisetta, Annetta, Rigoletta an dem Jiletta op der Kannibaleninsel déi bescht! :

Mir kruten nach e Schlummertrunk Pina Colada mä ouni Rhum 9. Um Enn vun der Veillée hate mir Mädels mat engem Punkt Ënnerscheid gewonnen!! :

Dunn hunn eis Carrymatt an dee fiichte Schlofsak geruff, a mir si schlofe gaangen.

Jil(etta)

9. Dag

Um halwer 8 ass de cher André eis erwäche komm.

Nach am Hallefschlof hu mir eis Carrymatt an de Schlofsak agepak an hunn eis Rucksäck fäerdeg virun d'Toilette gestallt. Während d'Jungs Zelt ordnungsgeméis agepak hunn, hu mir Mädels de Kaffi vir-

bereet. (Mir hate jo schliisslech d'Zelt opgeriicht)

Wéi de Captain Blaubär an den Heinblöd (Zelter) an der Camionnette louche gouf et Kuch a Kaffi. Nom Spullen hu mir eis prett gemaach fir ze goen. Den Ander huet eng Stee fir Uebst gemaach an d'Carole huet

nach Kichelcher verdeelt. Dunn huet eis Heemrees ugefaangen!

Mat deem schonns bekannte Bus 33 ass et op d'Gare gaangen.

Do hu mir nach Bréidercher fir mëttes am Zuch kaf, e puer hun sech och nach eng Zeitung matgeholl. Mir hunn nach 30 min op den Zuch gewaart bis deen endlech ukomm ass.

Esou souze mir emol am Zuch fir op Bréissel. Zäit hu mir eis mat Museklauschteren, Zeitungliesen, näischt maachen oder Logbuchschréiwen, verdriwwen. Ouni weider Schwiereregkeete si mir zu Bréissel Nord ukomm a mir missten e bèsse waarden ier mir an den Zuch fir op Lëtzebuerg geklomm sinn.

Wéi mir Plaz geholl haten, ass esou ee Mann mat enger Flute komm an huet eis e Liddchen gespilt, als Géigeleeschtung wollt hie Sue fir eppes z'liessen.

De Sven an den Charel hunn erëm hiert Kaartespill opgeholl, de Max rätselt beim Sudoku während déi aner liesen.

Schliisslech no enger laanger Zuchfaart si mir endlech erëm an eise Ländchen, a gi vun eisen Elteren ofgeholl.

Jil(etta)





Wéi mer ukomm sin, hu mir zahlreich vertrueden Carapio ons an desém "wonnerbaren" Challet mol ageriicht. Dono hu mer ons ganz fläisseg un den Cabane-Projet erugemaat. Nodeems mer "alles" ausgeschafft hun, hu mer geduecht, dass mer ons eng Paus verdéngt hätten. De Fränk, Sven, Ander, Max, Lisa, Charel an meng Wéinegkeet hun du Golf gespilt dass d'Fonken wuertwiertlech geflunn sin. Nodems mer d'Wiesen geméint hun, hu mer dunn Tortillas (jo, Carole eigentlech heescht et anescht) giess. Dunn hu mer Poker gespilt ("Ech erhéigen em 3 Peschbiller an 2 Pinselen." - "Esou vill?!! Hues du se nach all?!!"). De Sven ass schliesslech an engem "all in" mam Carole als Gewenner erausgangen. Direkt hu mer och fonnt dass et d'Zäit gett fir eng Partie "Nobody's perfect" ze spillen. E puer Stonnen a virun allem en puer Laachkrisen méi spéit (Voll krass die Sau! Gell Fränk), hu mer dun e puer Partien Tabu gespilt ("E Chef aus de Wellef an en P*r*-Star géif

een wéi nennen?" - "X-men"; "Sie haat nach nie ..." - "Jongfraa!!").

Während dese Spiller hu mer dun erausfonnt datt eisen Här Bidoli de perfekten Carapio-Chef wär. Um 3 Auer Moies Halwer hu mer dun décidéiert dass et mol un der Zäit wier, fir an d'Bett ze goen. Wéi mer dun an eisen vun Krätzmilben verseuchten Better louchen, sin ech eigentlech séier ageschlof (eis Cheffen hun awer fonnt dass et och witzeg wier eng Kessenschlacht ze man).

Em Halwer 10 si mer dun opgestaanen (mam grauenhaften Gedanken dass muer nees d'Schoul ugeet). Nodeems mer iwwert dem Moiesiessen aus de Cheffen hieren Mémoires erzielt kruten, ass et dun och ness mam Cabanen-Projet lass gaangen. Deem hu mer dun de läschten Schlaaf gin. Dun ass et och schon op Metteg zougangen. Do gouf et Spaghetti an d'Reschter vun Geschter an der Zoss. Nodems mer déi erangefeiert haaten, hu mer ons Saachen agepaakt. Dono ass de Chalet gebotzt gin (dee mer méi propper hannerlooss hun wéi mer en virfonnt hun).

An dono koum d'Highlight vum Weekend: eng Golf-Partie duerch Beaufort. Et stoungen sech géigeniwwer: De Sven an d'Carole; de Fränk, Max an Charel; den Ander, d'Lisa an ech. Zu all richtigem Spill gehéieren natierlech Spektateuren déi am Wee stin an net oppassen an och nach frech eremmaulen ("Wann dir mecht mech trifft, dann gin ech béis; wann ech béis gin, schloen ech esou guer mäin Här Lääährer!" - Eis Zukunft). Nodems mer färdeg gespilt hun, an esou ganz niesenbäi e puer Dommheeten gemaat hun ("Wann e freet, et waren dei Beggener Scouten"). Dono hu mer eis Saachen an d'Camionette gepaackt an sin heem gefuer mam déprimeierenden Gedanken dass muer d'Schoul ness lass geet ...

Charel alias Charlie



Raro Camp

zu Kandersteg

D'Raro waren dest Joer, mat den Raro vun Rodange-Lamadelaine ant Schwaiz ob den Camp.

Fir genau ze sin, waren mir ob Kandersteg, well do befennd sech de internationalen Scoutscenter aus der Schwaiz.

Leider waren mir dest Joer nemmen zu ganzer 4 Léit. Mee et war awer en super Camp!

Samstes, den 11 August sin mir, mam Auto voll gepaakt bis ennnert den Daach, ant Schwaiz gefuer. Am Nometten do unkomm, hun mir eis Zelt dann mol opgeschloen, eisen rouden Léif unt Zelt gehangen, an sin eis 1 Desch mat 2 Campingsbänken sichen gangen.

Mir hun geduecht zu 4 Léit fir eng Woch eng Konstruktioun opzebauen, hätt keen wert, well mir jo sou vi sou vill ennerwee wärten sin.

Owes, noom iessen, sin mir dann mol iwwert deen ganzen Campingsite gangen fir ze kuchen wei eng aner Länner dann nach zu Kandersteg wären.

Sou hun mir schon direkt Italiener kennen-geleiert, dei eis schon op eng lecker Spaghetti wollten invitieren. : Dei Italiener haaten schon nemmen en grousst zelt dobei, wou si all hier Spaghettiszoossen an

Nudelen kennen ennerbringen!

Owes hun mir nach dobaussen am Woodstock eng partie Kaart gespielt, en warmen Téi gedronnk an sin dun och shcon schlofen gangen.

Well Sonndes stoung schon eng grouss Aktivitéit um Programm: RAFTING

Mir sin ca. 30 km weider ant Land gefuer, fir bei déi Grupp (sou eppes wei SNJ) ze fueren. Sou goufen mir dann an sou een Neoprenkostum gestach, en Paddel an den Grapp, en Helm op den Kapp an Go! No



puer Secherheetinstruktiounen wosst ech net mei op ech dat wirklech well maan. Well eisen Coach, huet eis erklärt, wat een muss maan wann een erausfällt, wann eist Boot emkippt...etc... Naja, voller Freed an

Angscht sin mir dann ant Boot gefuer. Den Coach huet eis emmer gesoot, ween an wei lo gepaddelt muss gin.

Mir hun dat guut gemeeschtert! Heinsto war dann och den Befehl 'Achtung Baum', dann hues du dech missten bëken, w ell en Baam iwwert den Floss houg. Huet och emmer gut geklappt, just ech haat emol den Kapp ze frei gehuewen, sou kruut ech den Aascht voll ant Gesitt. Mei léiwen Jong, dann geseit een awer bessi Stären ;) Ass awer gangen, mat enger Lens am Aan, hun ech weider gepaddelt ;) haha

No gudder 2 Stonnen sin mir iwwert 10 km den Floss roof gepaddelt. Irgendwou sin mir rausgeklommen, en Bus huet eis dann nees zereck bei hieren Center bruecht.

No enger Foto an enger gudder Dusch sin mir owes dann nees ob Kandersteg gefuer. Sonndes owes haaten mir naicht mei um Programm, just eben nach eppes op eisen top Gaskocher gekacht, nees owes eng kleng Partie Würfel oder Kaart gespielt, an dann irgendwann ant Bett.

Meindes moies hun mir sou eng Workshop gemeet.



Mir hun eis T-shirts selwer gedreckt am Siebdruck. Mir hun aus Pabeier eis Schablounen gemeet. Dei gin dann ob sou en Filter geluecht. All dei Plätzen wou keng Farw soll kommen, gin mat Zeitung zougepescht. Dat ganzt leen mir dann op den T-shirt an dann mat Farw an Raclette



iwwert den Sieb gefuer. Sou kennt d'Farw op den T-shirt.

Noom Mettesessen hun mir mettes bessi an der Sonn

gechillt. Sou konnt een alt och bessi vun der Sonn profitieren, sou laang se do war.

Owes stoung Internationalen Owend um Programm. An hierem Prospekt steet, dass do all Scouten vum Camp zesummen kommen wou den Staff grillt, verschiedener konten hier Spezialitéiten aus hierem Land matbringen an dann geifen nach Spiller gemeet gin.

Nodeems eisen Kachkéis am Frigo gefruer war, hun mir dun keng Spezialitéit aus Letzebuerg mat bei Lagerfeierplätz geholl. Wat en Glick! Well do haat keen een eppes aus sengem Land matbruecht! Sou hun mir eisen Würstchen, Hamburgern, Zalot an Jus gedronk... bessi oofgeward... geshcnesst... gelacht... mee do koum keng Animatioun.... Irgendwann sin mir enttäuscht vun deem owend an eist Zelt gangen an hun eisen Rucksak gepaakt fir den aneren Dag op den Hike ze goen.

Eisen Hike war eigentleg en Hike-Treppeltour bis erop op den Oeschinensee. Noom Kaffi moies, sin mir dann ant Duerf gangen fir rop ob den Oeschinensee ze krakzelen. Den Wee war zwar steil, mee en war flott. Duerch d'Wiesen vun den Kéi, laanscht eng kleng Hüttchen wou een gewunnt huet, laanscht kleng Bäch, den Besch... irgendwann koumen mir dann uewen un. Deen Dag haaten mir och nach

vill Chance mam Wieder! Et war wirklech schein, do ob deen bloen Séi roofzekuken. Mettes hun mir eisen Pic-Nic do giess, eppes klenges op der Terrasse gedronk. Mir hun eis nach

Bessi ant Sonn geluecht, den Marc an Francy sin an dat eistkaalt Gletscherwasser schwammen gangen, brrr.

Zum Oofschloss hun mir nach en Tour mat der Rodelbahn gemeet, befir mir nees ob Campplatz gangen sin.

Eiii, owes haaten mir d'Sauna gelount. Dat war herrlech! Mei speit owes, sin mir an den Scoutscafé een drenken gangen, befir mir dann nees an den Schlofsaak geklommen sin.

Mettwochs waren mir moies eng Kéisfabrik (Gruyère) kukan an mettes Schokolafabrik vun Cailler kukan.

Mam Bus sin mir op Gruyère gefuer. Dat war en scheinen zickzack Wee bis dohinner. Dann mengt een, dass d'Schotten dat gewinnt wären bei sech aus Schottland, mee nee, do waren dann sou kleng Schotten an hierem Kilt, dei deen Wee guer net verdroen hun an hier Katztuut pret haaten, hmmm.

Kéisfabrik haat eis bessi enttäuscht, mee dofir war Schokolafabrik em sou mei cool. Ouni Entreeprais konnt een do herno sou vill Knippercher 'schmaachen' wei een wollt! : Mat vollem Bauch sin mir dann nees an den Bus geklommen fir zereck

Do huet een dann gemengt, dass een bessi raschten kéint, mee nee, eis leif Portugiesen hun gemengt, dass si 2 Stonnen missten den Bus stemmlech ennerhaalen. Grrrr

Owes sollten mir ant international Disco goen , yeah ;) , mee mir waren ze mitt, sou hun mir eis nees en gemütlegen owend bei eisen Gaskocher gemeet.

Donegtes sin mir ob Bern gefuer. Do sin mir d'Haus vum Albert Einstein kukan gangen. Deen huet 2 Joer zu Bern gewunnt. Den Rescht vum Dag hun mir shopping gemeet, an am Burger King zu metteg giess :

Freides wollten mir ob den Niesenberg erop fueren. Do soll een eng schein Aussicht hun. Mee en war sou vill Niwwel, dass mir eis dei Suen gespuert hun. Dem Marc seng Giedel wunnt dohannen, an dei huet eis dun spontan bei sech heem invitéiert fir mettes ze iessen. Dat war super. Sou kennt een och mol an sou en Holzhaus, wat ganz alleng op engem Bierg steet, an et freet een sech, wei kommen dei mam Auto dohinner ;)


Dat war dun en relaxen Daag.



Owes sin mir als Oofschloss, als Fiesta, eng Raclette iessen gangen ant Rüdlihuss. Eiii, wat war dei lecker. Dei ass ze empfehlen, wann mol een dohinner geet vun iech!

Samstes moies hun mir eis Saachen gepaakt, nach puer Souvenirs kaaf, an dun hun mir eis frou op den Heemwee gemeet, ze wessen, dass dest awer en flotten klingen Camp war.

Mireille



SCHMAACH MAT!

Eng Marche Gourmande, organiséiert vun den Luerenzweiler RaRo

Dat ganzt war den 2. September 2007 zu Luerenzweiler duerch den Bësch. Mir haaten am Juni eben déi Idee, fir eng Marche Gourmande ze organisieren. Dat ganzt ass sou oofgelaaf: Um Start, dat war bei der Gare, huet een sein Startgeld bezuelt, an dann geet een lass.

Um 1. Posten, beim Foyer, kruit een den Apéritif mat klengen Häppercher.

Um 2. Posten, beim Wassertuerm, kruit een eng lecker Entrée.

Dann ass et weider gangen bei den Neolitikum, wou et als Hauptplat en gefelltent Fierkel gouf. Am Bauch vum Fierkel waren Gromperen. Dat ganzt an Begleitung vun freschen Zaloten. Dann iwwert d'Schanz, ass et bei den Dessert gangen. Dat waren lecker Waffelen mat Ananascreme. An zeréck bei den Foyer gouf et den Digéstif.

Sou haaten d'Léit en gemittlegen Trëppeltour, um engem scheinen Sonndenmëtten.

Nächst Joër am Mai oder Juni wäert déi nächst Marche Gourmande sin!

Dir fannd den Datum um Aktivitéitskalenner 2008 vun der Gemeng Luerenzweiler.


Also net verpassen. Mir freen eis schon!

PEARL OF BROWNSEA

Am Ufank vun der grousser Vakanz huet de Fränk eis matt enger mega Fixspounmaquette vum Schëff dovun iwwerzeescht dese grousser Projet unzegoen.

Mettwochs den 18. Juli gouf d'(Co)Operatioun wouer: Déi éischt deck Konstruktionshëlzer goufen matt Gewënnstaangen vun engem centimeter Duerchméisser matteneen befestegt; hei dierfen natierlech Mudderen an Kontermudderen nët feelen fir deem ganzen Stabilitéit ze ginn.

Wéi d'Gerüst bis Fouss gefaasst hat, sinn d'Feinaarbechten ugaang.



D'Schwaarden (dit Schweben), déi eis Männer fléisseg bei de Schreiner fänke waren, goufen zu enger stabiler Aussewand zesummegebriedert. Hei hunn och d'Kanounefensteren hier Plazt fond.

Um Rez-de-chaussée an um éischte Stack gouf de Parket geluecht, woubai mer d'Versetzungstechnik ugewand hun, vir dem Buedem méi Festegkeet ze verleeden. Matt Hëllëf vun engem richtege Scheiner hu mir Laihen et och faerdeg bruecht duerch eng professionnelle Wendeltraap den ieweschte Stack erreeschbar ze maachen.

Wieder Viirschléi wie zb. Rolltrap oder Lift si verwise ginn.

De grouse Mast, deen éis scho séit längerem Kappzerbriechen bereed huet, gouf schlussendlech matt vill Manneskraaft an der Mëtt vun der "Pearl of Brownsea" opgeriicht.

Wéi déi éischt schon (no baal 6 Wochen Aarbecht!) un d'Enn gesinn hunn, huet de Kapitän Jack Spareripp dunn awer gemeint hie misst nach eng Kabinn op Deck gebaut kréien.

Matt e weineg Gemäute hunn seng Piraten sech dunn matt läschter Kraaft un d'Opriichte gemaach.

Als Finissage goufen d'Fënsteren an d'Haaptagandsdiir agebaut.

Den 21. Oktober war et dunn esou wait: d'"Pearl of Browsea" ass grouss a festlech ageweit ginn.

Lisbet a Renée

P.S.: So Carole, kréie mer lo ee Badge?



Piratenschiff „Pearl of Brownsea“ getauft

Pfadfinderprojekt in Bofferdingen eingeweiht

Am Sonntag wurde im Park des Altersheimes in Bofferdingen das Piratenschiff „Pearl of Brownsea“ von den „Lëtzeburger Guiden a Scouten“ der Gruppe „St-Laurent“ aus Lorentzweiler eingeweiht. Das Schiff wurde im Rahmen des 100-jährigen Bestehens des Scoutismus gebaut.

„Der Direktor des Altersheimes hat uns gefragt, ob wir unser Camp zum Thema Piraten im Park ihres Anwesens veranstalten wollen. Somit kam uns die Idee, eine Holzkonstruktion in diesem Rahmen zu erbauen. Das Schiff diente schließlich als Kulisse für das Zeltlager“, erklärte Gruppenchefin Carole Ney. Am vergangenen 1. August hat die Gruppe ihr Versprechen in Bofferdingen erneuert, obwohl das Schiff zu diesem Zeitpunkt noch nicht ganz fertig war.

Das 14 Meter lange und 12 Meter hohe Schiff wurde im Rahmen einer kleinen Feier auf den Namen „Pearl of Brownsea“ getauft und vom Pfarrer gesegnet. Brownsea ist eine englische Insel, auf der Lord Baden Powell 1907 das erste Pfadfinderteltlager veranstaltete.

Das Schiff, an dem eine Gruppe von ungefähr 35 Mädchen und Jungen während zwei Monaten gearbeitet hat, soll noch mindestens ein Jahr im Park des Altersheimes stehen und die Gruppe will sporadisch ihre Versammlungen dort abhalten.

(lyw)



Pfadfinder oder Piraten? Die Mitglieder der LGS-Gruppe St-Laurent sind stolz auf ihr 14 Meter langes und 12 Meter hohes Schiff.

(FOTO: SERGE WALDBILLIG)



De Redakter entzitt sech
aller Responsabilitéit fir de
Contenu vun dëser Rubrik
a kann dofir och net fir
irgendwellech kierperlesch
oder séilesch Schied haft-
bar gemaach gin!

Nach ee gudde Numm vir d'Schëff wier gewiescht :
ELISABOOT oder **ELISASCHEFF**

**Dee Mënsch ass
sou dämlech!**

Witz vun de Pensionnären: Wéini
kënnt d'Sinnflut
Mir soen dozou: HAHA!

"Carole, wéini gidd der an
d'Vakanz?"
Carole : "Guer nët, de Patrick ass
d'Traap roof gefall!"

Léiwer D wéi nie!



Miss Charlie

Um Chefdaag

D'Renée steet am Krees an de Biberversammlung, mir spille een Tuttifrutti Spill.

Ee Chef freet: "An? Vun wou bass du?"

Renée: "Aapel"

Chef: "Ah, Lorentzweiler!"

Renée (verwonnert): "Eehh, jo?!"


Während enger Partie Tabu op engem Carapio Weekend.
D'Wuert wat et ze erklären golt war "Zäpfchen".

Sven : "Dat stechs de der an den A*** wanns de krank bas!"
Fränk : "Täscheluucht!"
Sven : "???"

ARRRRRRR!!!!

Um Boot hu mer geléiert: de
Witz mam Neelen gëtt nie aal!





www.lgslorentzweiler.lu